**Pressecommuniqué vun der feministescher Plattform JIF**

**Firwat gi mir den 8. Mäerz, den Internationalen Dag vum Kampf fir d'Fraerechter, op d'Strooss? Well mir opgrond vun der globaler an nationaler Situatioun nach ëmmer wäit ewech sinn vu Geschlechtergerechtegkeet!**

**D'Gläichheet ass a Gefor a Fraerechter ginn a ville Länner mat Féiss geträppelt. Lëtzebuerg ass dovu net ausgeschloss!** Fraen hu nach ëmmer manner Sue wéi Männer, souwuel beim Akommes wéi beim Verméigen, schaffe sechs Mol méi heefeg an Deelzäit a sinn iwwerrepresentéiert an ënnerbezuelte Beruffssecteuren. Den Ënnerscheed ass besonnesch grouss bei Fraen am Pensiounsalter: Si kréien 43% manner Rent wéi d'Männer. Doheem sinn d'Fraen ëmmer nach déi, déi am meeschten onbezuelt Hausaarbecht maachen an déi mental Laascht vum Stot droen. D'Familljepolitik verstäerkt dës Ongläichheet duerch de groussen Ënnerscheed vum Congé Maternité a vum Pappecongé. Vun der Wunnengskris, déi d'ganz Bevëlkerung betrëfft, sinn d'Fraen nach ëmmer am meeschte betraff: si hu manner Suen zur Verfügung a si méi dacks eleng mat Kanner. Elengerzéiend Elteren, vun deenen iwwer 80% weiblech sinn, leider och ënnert dem ongerechte Steiersystem, dee bestuete Koppele favoriséiert. D'Waardelëschten fir d'Opnam an engem Fraenhaus féieren dozou, dass Affer vun haislecher Gewalt, déi sech d'Loyeren um private Wunnengsmaart net leeschte kënnen, just de Choix hunn an der Gewalt ze bleiwen oder op der Strooss ze landen. An d'Gewalt riicht sech nach ëmmer virun allem géint d'Fraen: 2022 waren 224 vun den Affer vu Gewalt am Stot, fir déi de Parquet eng Expulsioun ausgeschwat huet, Fraen an 43 Männer. Zu Lëtzebuerg seet eng vu véier Frae, datt si an hirem Liewe scho sexuell Gewalt erlieft hunn. Schlussendlech, wa mer op déi politesch Representatioun kommen, si mer nach wäit ewech vun der Paritéit: 19 vun 100 Buergermeeschter*innen si Fraen, 20 vu 60 Deputéierten a 5 vu 15 Minister*innen. D'Fraen deelen dës Diskriminatiounen mat anere vulnerabele Gruppen a vill si mat intersektionaler Diskriminéierung konfrontéiert: d'LGBTQIA+ Gemeinschaft, Mënschen déi vu Rassismus betraff sinn a Migrant*innen, eeler Leit, Leit mat Behënnerungen, a Student*innen.

**Zu dëse puer nationale Beispiller kënnt eng erdréckeng international Situatioun dobäi:** Op der ganzer Welt ginn et Beweegungen déi oppe géint d'Rechter vu Fraen a LGBTQIA+ Leit Stëmmung maachen. Mënschenhandel, d'Verbuet Ofdreiwungen duerchzeféieren, Vergewaltegung als Krichswaff, sexualiséiert Gewalt am Kader vun der Migratioun, Kleedungsbeschränkungen, Fräiheetsattacken, weiblech Genitalverstümmelung an Zwangsbestiednisser sinn alles Ploen, déi d'Fraen am Joer 2024 nach ëmmer betreffen.

**D'Ursaache sinn iwwerall op der Welt déiselwecht: strukturelle Sexismus, Patriarchat a Misogynie.**

Mir fuerderen d'Parlament, d'Regierung an de Staatsrot, dës Tatsaach unzeerkennen an d'Gendertperspektiv bei der Ausschaffung, dem Stëmmen an der Geneemegung vu Gesetzestexter matanzebezéien. **Mir wëllen Iech drun erënneren, datt et keng geschlechtsneutral Politik oder Gesetzestexter ginn an datt alles, wat geschlechtsneutral soll sinn, onweigerlech déi scho benodeelegt Grupp diskriminéiert.**

D'Äntwert op d'Fro, wéi eng feministesch Politik gelénge kann, ass den **Gendermainstreaming**: Wärend d'Europäesch Unioun dëst Konzept zanter den 1990er zu engem vu senge Piliere gemaach

huet, ass et héich Zäit datt de Grand-Duché dëse Prinzip och berücksichtegt. Beim Gender Mainstreaming gëtt an all Fall gekuckt, wéi eng Auswierkungen eng politesch Mesür op déi verschidde Geschlechter hätt, mam Zil, dass all politesch Mesür Gechlechterongläichheet eliminéiert, reduzéiert oder op manst net zementéiert oder souguer verschlechtert. Mir brauche konkret Moossnamen – elo méi wéi jee!

**Signatairen :**

Amnesty International Luxembourg
ASTI
CID | Fraen an Gender
CNFL
déi greng
déi jonk greng
déi Lenk
Femmes en détresse
Femmes socialistes
OGBL Equality
Passerell Piraten
Planning familial
Sweet Josephine